

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 4. Juni 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Den Helikopter beim Nordspidol ass an de leschte Joren dacks zum Asaz komm, virun allem am Éislek. Dat konnt etlech Mënscheliewe retten, zemol an enger Regioun mat enger schwiereger Topografie.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an dem Här Inneminister folgend Froe stellen:

- *Wéi oft koum den Helikopter beim Ettelbrécker Spidol zanter 2018 zum Asaz?*
- *Wéi vill Flig gongen iwwer eis Landesgrenzen eraus ?*
- *Stëmmt et, datt virgesinn ass, fir méttelfristeg en anere Site fir den Helikopter ze sichen?*
- *Wéi ass de Finanzement vum Helikopter konkret organiséiert?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Gusty GRAAS
Deputéierten